



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an der
Gesondheitsministesch, Paulette Lenert, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7275 vun der honorabelen
Deputéiert Martine Hansen**

Ad 1)

Den Aide-soignant ass e wichtege Gesondheitsberuff, sief dat am Spidol oder Secteur extrahospitalier.

An deem Sënn huet de Gesondheitsministère de Projet "*Réactualisation des attributions de la profession d'aide-soignant*" realiséiert. Duerch dëse Projet gëtt d'Kooperatioun zwëschen de Gesondheitsberuffler verstärkt, dëst ronderëm a mam Patient. Dëse Projet ënnersträicht an erkennt d'Plus-value vum Beruff vum Aide-soignant fir de Gesondheetssystem an am Generelle fir d'Gesondheet vun der Populatioun zu Lëtzebuerg un.

Am Kader vun dësem Projet gëtt de "champ d'exercice" (Aktivitéitsberäich) definéiert souwéi d'Responsabilitéite vun dësem Beruff an d'Haaptaktivitéite vum Aide-soignant wéi ënnert anerem d'Missiounen, d'Tâchen an d'Attributiounen vum Aide-soignant, gi beschriwwen.

Den aktuelle Projet gesäit keng Changementer um Niveau vum Inhalt vun der besteeënder Formatioun vir. De Beruff vum Aide-soignant soll och no der Reorganisatioun vun der Formatioun vun de Gesondheitsberuffer weider bestoen. Dat ugeschwatent Schema beinhalt d'Formatioun vum Aide-soignant net, well d' Vokatioun vun deem Schema déi ass, de Passage aus dem Enseignement secondaire an déi verschidde Formatiounen am Héichschoulberäich duerstellen.

Ad 2)

D'Perspektiv vum Aide-soignant am Beräich Formatioun ass eng Integratioun an d'Formatioun vum Infirmier am ESG, dëst sous forme vun enger "*Admission conditionnelle*", déi an der Kompetenz vun der Direktioun vum Lycée Technique pour Professions de Santé (LTPS) läit.

Op där anerer Säit gesäit de Projet "*Réactualisation des attributions de la profession d'aide-soignant*" vir, datt den Aide-soignant d'Méiglechkeet huet, während der Carrière nei Kompetenzen an/oder spezifesche Qualifikatiounen duerch Weiterbildung ze léieren, déi em erlaben, nei Funktiounen am Gesondheetssystem auszeüben.

Ad 3)

De Gesondheitsministère huet en Aarbechtsgrupp ronderëm dëse Projet organiséiert, mat de Verrieder vun der Association Luxembourgeoise des Aides-Soignants, Aide-soignantinnen aus de verschiddene Secteuren (Spidol, Alters- a Fleegeheemer, Réseau d'aide et de soins à domicile) a Verrieder vum Lycée Technique pour Professions de Santé.



D'Conclusioun vun dësen Aarbechten ass e Projet, deem de Beruff vum Aide-soignant valoriséiert a promovéiert. Dëse Projet ass d'Resultat vun enger räicher an interessanter Collaboratioun zwëschen de verschiddene Memberen vum Aarbechtsgrupp.

Wéi ënner Punkt 1 beschriwwen, ass keng Ännerung an der Formatioun vum Aide-soignant virgesinn. Sollt dat sech änneren, gëtt natierlech mat de Representante vun den Aide-soignantë geschwat.

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH